ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Dammen Gesondheetsminister an Ëmweltminister esou wéi un d'Häre Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture a fir Energie weiderzeleeden.

Et gesäit een hei am Land ëmmer méi Wandanlagen, fir Energie ze gewannen. Ech wollt de Gesondheetsminister, den Ëmweltminister an d'Ministere fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture esou wéi Energie froen, wéi eng Konsequenzen dës Wandenergie-Anlagen op d'Mënschen an op d'Déierewelt hunn.

1. Wéi vill Anlage gëtt et hei zu Lëtzebuerg?
2. Wéi eng international Etuden iwwer d'Auswierkunge vun de Wandenergieanlagen op de Mënsch (duerch Kaméidi, Liicht-Schied-Wiessel …) sinn de Ministäre bekannt?
3. Wéi eng international Etuden iwwer d'Auswierkunge vun de Wandenergieanlagen op d'Vullen an d'Flantermais gëtt et? Gëtt et schonn Ënnersichungen, op d'Vibratioune vun deenen Anlagen d'Fauna am Buedem, déi an der Ernährungsketten esou wichteg ass, stéieren an a wéi engem Mooss?
4. Gëtt et national Etuden zu deenen Themen?
5. Wéi vill Verloschter u Vullen a Flantermais gëtt et hei am Land pro Joer duerch Wandenergieanlagen? Gëtt et national oder international statistesch Duerchschnëttswäerter iwwer d'Déieren, déi duerch esou Anlagen hiert Liewen verléieren?
6. Hunn esou Anlage Konsequenzen op de Loftverkéier an op de Fonctionnement vu Radarinstallatiounen hei zu Lëtzebuerg?
7. Wéi eng Moossnahme wëllt d'Regierung huelen, fir de Mënsch am Fall vun erwisene Konsequenzen an d'Fauna virun de negativen Aspekter vun dësen Anlagen ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser